

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

D'Shisha-Fëmme gëtt ëmmer méi populär. An engem Interview mam Télécran vum 1.6.2022 ("Im Grunde eine Katastrophe") weist d'Directrice vun "Fondation Cancer" drop hin, datt 2021 net manner wéi 34 Prozent vun de Jugendlechen tëscht 16 a 24 Joer Shisha gefëmmt hunn.

D'Waasserpäif gëtt vu ville Leit als "gesond Alternativ" zur traditioneller Zigarette duergestallt. Gesondheetsexperten warnen awer virun de gesondheetsschiedleche Konsequenze vum Shisha-Fëmmen. Effektiv gëtt beim Shisha-Fëmmen net nëmme méi déif, mee och méi oft an iwwer ee méi laangen Zäitraum inhaléiert wéi bei Zigaretten. De Professor Dr. med. Wulf Pankow, Experte vun der Däitscher Gesellschaft fir Pneumologie a Beatmungsmedizin e.V. (DGP), warnt an engem Interview: *"Laut unseren Recherchen sind mindestens 82 schädliche Substanzen in den Shisha-Mischungen - darunter befinden sich 27, die Krebs erzeugen oder im Verdacht stehen, Krebs zu erzeugen. Dazu kommen giftige Metalle, Kohlenmonoxid und lungengängige Partikel."* (Quell: <https://www.ikk-classic.de/gesund-machen/leben/shisha-rauchen>).

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wat mécht d'Regierung, fir virun de Gefore vum Shisha-Fëmmen ze warnen? Gëtt Preventiounsaarbecht geleescht, fir Jugendlecher virun dësem Trend ze warnen?
- 2) Leien der Regierung Zuele vir, wat den aktuelle Shisha-Konsum zu Lëtzebuerg ugeet? Wa jo, wéi verdeelt sech dëse Konsum op déi verschidden Altersgruppen?
- 3) Wéi gëtt d'Shisha-Fëmmen zu Lëtzebuerg taxéiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten

